

QUICK GUIDE PATIENT
AKTIVATIOUN ESANTE KONT

AGENCE eSanté LUXEMBOURG

Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé

Versioun 6.3 / Juli 2026

Classification: Public

Inhaltsverzeechnes

Besteeënd Méiglechkeete p.3

Aktivéierung iwwer de Portal an d'mobil App MyGuichet p.4

Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté p.6

Connexioun op den DSP iwwert d'Portal eSanté p.15

FIR E MANNERJÄREGT KAND

Aktivéierung vum Kont vun engem mannerjärege Kand p.18

DSP Assistent DSP vun engem mannerjärege Kand p.19

Zougang op den DSP vun engem mannerjärege Kand p.21

Besteeënd Méiglechkeete

Als Patient, kënnt Dir Ären eSanté Kont aktivéieren:


➔ **Iwwer de Portal (www.guichet.lu) an d'mobil App MyGuichet :** an Ärem private Beräich, mat engem LuxTrust Produit oder eng lëtzebuergesch elektronesch Identitéitskaart. *(slides 4-8)*

➔ **Iwwer d'Portal eSanté (www.esante.lu) :** mat Hëllef vum Aktivatiounscode, deen Iech am Bréif vun der Agence eSanté geschéckt gouf. *(slides 9-17)*


➔ **iwwer d'MyDSP App** : kuckt de spezifesche Guide

Aktivéierung iwwer MyGuichet

Nodeem Dir lech um Portal www.myguichet.lu authentifizéiert hutt, klickt op **« Catalogue des services »** an duerno op **« Santé & Sécurité sociale»**




An der Lëscht déi erschéngt, klickt op **« Créer »** vun der Rubrik **« Dossier de Soins Partagé (DSP) »**




Aktivéierung iwwer MyGuichet

Klickt op « **Je consens à ce que MyGuichet.lu partage mon identifiant national avec l'Agence eSanté** »



Akzeptéiert **Conditions Générales d'Utilisation (CGU)** a **bestätegt**




Ären eSanté Kont ass aktivéiert! Dir hutt elo Zougréff op Ären DSP

Aktivéierung iwwer de Portal an d'mobil App MyGuichet


Op Ärem Smartphone, **mellt lech un** op der App vu MyGuichet

Ënnert der Rubrik **"Accès rapide"** fannt Dir de **"Catalogue des services".**

Klickt op **« Accéder ».**



Scrollt erof bis bei d'Rubrik **"Rechercher par organisme"** a klickt dann op **"Liste des organismes"**




Aktivéierung iwwer de Portal an d'mobil App MyGuichet

Sicht no **"Agence eSanté"** a klickt dann drop.




Eng nei Fënster geet op. Klickt op **"Consulter"** ënnert dem **"Dossier de soins partagé (DSP)"**



Aktivéierung iwwer de Portal an d'mobil App MyGuichet

Kräizt d'Case **"Je consens ..."** un a klickt op **"Valider"**.




Dann kräizt d'Case **"En cochant ..."** un a klickt op **"Valider"**.




Äre Kont ass aktivéiert!
Elo kënnt Dir op Ären DSP zougräifen iwwert:

- ären Espace MyGuichet.lu
- d'Portal www.esante.lu
- d'mobil App MyDSP



Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté


Gitt op **www.esante.lu** a klickt op « **UMELLEN** », an dann op « **PATIENT** »



Andeems Dir Ären eSanté Kont aktivéiert, hutt Dir Zougang op déi verschidden eSanté Servicer, a besonnesch Ärem **DSP**.


Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté

Dir sidd op der Säit fir d'Authentifikatioun/Aktivatioun fir Patienten.
Klickt op « **Aktivéiert Äre Kont** »




Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté


Akzeptéiert w.e.g. ënnen op der Säit, déi allgemeng Bedéngungen, a klickt op « **Mäi Kont aktivéieren** »



Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté

1) Gitt Är Matricule an, an klickt op « **Bestätegen** »






2) Klickt op « **Jo** » an gitt Ären Aktivéierungscode an (deen Dir am Courrier vun der Agence eSanté matgedeelt krut)

3) Klickt op « **Nächst Etapp** »

Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté


Gitt e **perséinlecht Passwuert*** an, a confirméiert et

* D'Passwuert muss mindestens 8 Zeeche laang sinn a muss 1 Buschstaf an 1 Zuel enthalen.




Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté

Selektionnéiert wéi Dir Ären **eemolege Code** wëllt kréien (per Mail oder Handy), a klickt op **« Validéieren »**



Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté

Gitt den eemolege Code an (deen Dir per Email or SMS kritt hutt), a klickt op **« Validéieren »**




Aktivéierung iwwer d'Portal eSanté

Dir kënnt wann Dir wëllt (nët obligatoresch) e **LuxTrust Produit** an Äre Kont dobäi setzen.

Wann Dir dat maache wëllt, dann klickt op « **Connectioun** » a befollegt d'Uweisungen um Bildschierm.


Wann net, klickt op « **Nächst Etapp** »



Aktivéierung iwwer d’Portal eSanté


Äre Kont ass **aktivéiert!**

Dir hutt elo Zougréff op Ären DSP.



Connexioun op den DSP iwwert d'Portal eSanté

Fir lech am DSP unzemellen*, klickt op « **Umellen** », an dann op « **PATIENT** »




*Dir kënnt lech och iwwer d'MyDSP Mobil-App oder Äre private Beräich op MyGuichet.lu an Ärem DSP unmellen.

Connexioun op den DSP iwwert d'Portal eSanté


Wielt d'Manéier wéi Dir lech identifizéiere wëllt :

WANN DIR ÄREM KONT E LUXTRUST PRODUIT BÄIGEFÜGT HUTT, klickt op **« Connectioun »**



WANN DIR ÄREM KONT KEE LUXTRUST PRODUIT BÄIGEFÜGT HUTT, klickt op **«Matricule & Passwuert»** a gitt folgend Daten an:

- Är Matricule
- Ärt Passwuert
- De Code deen Dir per SMS oder Email kritt hutt



Connexioun op den DSP iwwert d'Portal eSanté

Wann Dir ugemellt sidd, gesitt Dir dës Fënster:



« **Meng eSanté Servicer** » gëtt lech Zougang op déi verschidde Servicer déi et gëtt, ënner anerem Ärem DSP.

De Kont vun engem mannerjärege Kand aktivéieren

Fir de Kont vun engem mannerjärege Kand **ze aktivéieren**, kuckt w.e.g d'Instruktiounen op de Säiten 3 bis 10.

Fir **Zougrëff op den DSP vun Ärem mannerjärege Kand** ze kréien, hutt Dir zwou Méiglechkeeten:


- Gebrauch vun den **Zougrëffdate** vun Ärem Kand (seng Matricule a d'Passwuert dat Dir beim Aktivéiere vum Kont festgeluecht hutt)
- Dir kënnt lech als « **DSP Assistent**» am DSP vun Ärem mannerjärege Kand opsetzen an esou iwwer Ären DSP Zougrëff op dem Kand säin DSP kréien. (fir Instruktioune kuckt w.e.g op de Säiten 14-15).

  Duerfir braucht Dir Ären eegenen DSP. Wann Dir keen hutt, kontaktéiert eisen Helpdesk fir weider Erklärungen.

DSP Assistent vun engem mannerjärege Kand

Fir DSP Assistent am DSP vun Ärem mannerjärege Kand ze ginn, mellt lech op Ärem DSP un. (S. 11 an 12)


Dann gitt op « **Assistants** », a klickt op « **Ajouter** »



* En DSP Assistent huet déi selwecht Rechter wéi den DSP Besëtzer.


DSP Assistent vun engem mannerjärege Kand

Déi folgend Fënster geet op.




Klickt op « **Nom** » an ënner « **Numéro assuré** » gitt der Är **Matricule** an.

Klickt dann op « **Rechercher** » an duerno op Ären Numm.




An « **Type** » selectionnéiert « **Assistant DSP** ». Loosst « **Rôle** » eidel a klickt op « ✓ ».



Zougréff op dem Mannerjärege säin DSP

Fir als DSP Assistent Zougréff op Ärem mannerjärege Kand säin DSP ze hunn, musst Dir lech matt Ären Zougréffsdaten an Ärem DSP umellen (S.12)

Klickt dann op d'Symbol **« Accéder aux autres dossiers patient » an dann op den Numm vun Ärem Kand»**.



Dir hutt iwwert Ären DSP, Zougréff op den DSP vun Ärem mannerjärege Kand !

Wann Dir méi mannerjäreg Kanner hutt, kënnt Dir fir all Kand DSP Assistent ginn, an esou hieren DSP iwwert Ären DSP konsultéieren. De Virdeel ass, datt Dir just d'Passwuert vun Ärem DSP verhaale musst.

Hutt Dir nach Froen?

Kontaktéiert onsen Helpdesk

- per Telefon: (+352) 27 12 50 18 33
- via Online Formular



Agence eSanté G.I.E.
Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé

B.P 2511 L-1025 Luxembourg
Site Internet: www.esante.lu

AGENCE eSanté LUXEMBOURG | Agence nationale des informations partagées dans le domaine de la santé